



Portrait

Den Office national de l'enfance, ONE.

Den ONE ass eng öffentlich Verwaltung ënnert der Tutelle vum Educationministère. Seng Missioun ass et de Kanner, Jugendlechen an hiren Elteren eng Ënnerstëtzung ze gi wa si Schwierigkeiten hunn. Oft ass et just eng haart Zäit, déi et ze geréiert heescht fir dass et nees besser geet. D'Equipe kënnen iech esou hëllef déi beschte Léisung ze fannen fir dass d'Saachen nees an d'Rei ginn.

Mat Hëllef vu senger Prestataire, proposéiert den ONE Hëllef déi un äert Kand ugepasst sinn (Orthophonie, Psychomotricité, Consultatioun mat engem/enger Psycholog(in), psychesch, sozial an edukativ Hëllef an der Famill, a.v.m.). Den ONE ass do fir iech a kann iech bei allen Zorte vu Probleemer ënnerstëtzen.

D'Missioun vum ONE konzentréiert sech haaptsächlech op d'Zesummenaarbecht mat de Kanner an den Elteren. Seng Equipe sinn do fir mat iech zesammen e konkreten Hëllefprogramm opzestellen, deen ärer Situatioun ugepasst ass. Des Hëllef ginn am Kader vun engem Gespréich festgeluecht. Den ONE garantéiert dann d'Weiderféiere vun dëser Hëllef esou laang wéi dir wëllt an esou laang wéi se néideg ass.

Regional Antennen vum ONE ginn et an ärer Géigend. Am Moment ass den ONE an 14 Lokalitéiten uechtert d'Land vertrueden. Kuckt op www.officenationaleenfance.lu a fannt de Büro deen am Nooste bei iech ass.

Office régional WILTZ
8, avenue Nic Kreins
L-9536 Wiltz

Fir e Rdv, contactéiert eis Helpline um 8002-9393 während de Bürosstonnen (8 bis 18 Auer) oder schreift e Mail: one@one.etat.lu

Mir hëllef de Kanner, de Jugendlechen an den Elteren!

